Manternach, den 31. Juli 2008

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
31 JUIL. 2008
Q2733

Här Lucien Weiler
President vun der Deputéiertenchamber
19, Um Krautmaart,
L-1728 Lëtzebuerg

Här President,

Sou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kulturminister resp. den Här Kommunikatiounsminister welderzeleeden:

"Viru kuurzem sin d'Rechnungen vu Coditel an Eltrona un d'Abonnenten verschéckt ginn. Fir en "normalen" Haushalt sinn dorop 55,00 EURO un "Droit d'Auteur" opgefouert. Dat félert mech derzou, fir dës Froen un Iech ze riichten:

1. Wéi héich ass d'Augmentatioun opgrond vun der neier Tarifikatioun, a wourop berouht d'Héicht vun dëser Augmentatioun?

2. Ginn all privat Televisiounsbenotzer gläich behandelt, je nodeem u wat fir eng Antenne si ugeschloss sinn, resp. hir eegen Antenne hunn?

3. Wéivill Finanzmëttel kommen Iwer dëse Wee bei der SACEM zesummen?

4. Wéivill Finanzmëttel kommen am Total pro Jar bei der SACEM zesummen, wéi ass d'Verwendung vun dëse Suen a wéi gët d'Verwendung vun dëse Gelder vun offizieller Säit kontrolléiert?"

Mat déiwem Respekt,

Roby Mehlen, Deputéierten